ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
07 AOUT 2019
1033

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 7. August 2019

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Premierminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nr. 859 vum 4. Juli 2019 schreift den Här Staatsminister: *„Et sief an deem Kontext op d'Äntwert vun der Regierung op déi parlamentaresch Ufro Nr. 151 vum 4.Januar 2019 verwisen: [...] De Staatsminister erënnert drun, datt laut Artikel 4 vun der Verfassung d'Persoun vum Groussherzog „inviolable" ass. Déi Inviolabilitéit implizéiert déi komplett Irresponsablitéit vum Staatschef, souwuel strofrechtlech wéi och politesch. D'Akten vum Staatschef sinn deemno souwuel par essence wéi en droit onpolitesch [...]""*. Dëst ass sécher interessant, mä et seet näischt iwwert de Statut vun der Groussherzogin aus. Dowéinst wéilt ech dem Här Staatsminister dës Froe stellen:

1. Ass den Här Staatsminister der Meenung, datt och d'Persoun vun der Groussherzogin „inviolabel" a „par essence onpolitesch" wär? Wa jo, opgrond vu wéi enge legalen Dispositiounen? Wann nee, wéi ass d'Verantwortung fir politesch Aussoen oder Aktivitéiten vun HKA der Groussherzogin gereegelt? Muss Si selwer d'Verantwortung droen oder gëtt et hei eng ministeriel Verantwortung? Wann dat zweet de Fall wär, no wéi enge Modalitéiten wär déi da gereegelt?
2. Beréit d'Regierung HKA d'Groussherzogin an dem Sënn, datt Hir Aussoen an Aktivitéiten, fir net an dee politeschen Domän eran ze geroden, sollen apolitesch sinn?
3. Ass d'Regierung d'accord, ze soen, datt an enger Demokratie all Mënsch d'Recht huet, sech selwer eng Meenung ze maachen, wat „politesch" oder „net politesch" ass, , zum Beispill och zum Thema vun enger „Orange Week"? Oder mengt d'Regierung, datt si d'Recht huet, de Bierger virzeschreiwen, wat als „politesch" oder net ze betruechten ass?
4. Ass den Här Premierminister der Meenung, datt de Respekt vun de Mënscherechter kee politeschen Thema ass, wéi een aus senger Äntwert kéint erausliesen?
5. Ass den Här Premierminister weider der Meenung, datt eng Manifestatioun, déi iwwert en Drëttel vu Gewaltaffer opgrond vun hirem Geschlecht ausklamert, a sech

ausschliisslech op Gewalt géint Frae konzentréiert dem Usproch vun der Universalitéit vun de Mënscherechter gerecht gëtt?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Luxembourg, le 6 septembre 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
06 SEP. 2019

Monsieur
Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
LUXEMBOURG

**Objet:** **Réponse de Monsieur le Premier Ministre, Ministre d'État à la question parlementaire n°1033 de Monsieur le Député Fernand KARTHEISER au sujet des fonctions de la Grande-Duchesse.**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire n° 1033 du 7 août 2019 de Monsieur le Député Fernand KARTHEISER.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Le Premier Ministre

Ministre d'État

**Réponse de M. le Premier Ministre à la question parlementaire n°1033 de M. le Député Fernand Kartheiser**

Den honorabelen Deputéierten stellt eng Rei Froen zum Statut an zur Roll vun der Groussherzogin wéi och zur Manifestatioun "Orange Week" an dem Respekt vun de Mënscherechter.

Ad 1)
D'Persoun vun der Groussherzogin ass net "inviolabel". D'Verfassung gesäit dëse Statut just fir de Staatschef vir. Dem honorabelen Deputéierte seng parlamentaresch Fro n°859 an der Regierung hir Äntwert dorop hu sech net op eng eventuell Inviolabilitéit bezunn, mee op d'Fro, ob de Conjoint vum Staatschef kann Aktivitéiten nogoen, déi e politesche Charakter hunn. Zu där Fro widderhëlt d'Regierung hir Äntwert op déi parlamentaresch Fro n°859: "Et ergëtt sech awer aus dem Gewunnheetsrecht (coutume), datt de Conjoint vum Staatschef sech net politesch engagéiert. Vu datt den Titel vun der Groussherzogin laut dem Dekret vun 2012 un dee vum Groussherzog gebonnen ass, ergëtt sech dëst och als logesch Konsequenz aus der verfassungsrechtlecher Situatioun vum Groussherzog." De Conjoint vum Staatschef huet also net deen nämmlechte Statut wéi de Staatschef, mee well den Titel vun der Groussherzogin un dee vun hirem Mann gebonnen ass, deen e spezielle Statut huet, ergi sech doraus awer Konsequenzen fir hir Persoun, an zwar d'Applikatioun vun deem genannten Gewunnheetsrecht.

Weider widderhëlt d'Regierung, datt de Statut vum Conjoint vum Staatschef net iwwert den *Décret grand-ducal du 18 juin 2012 portant coordination du Statut de Famille du 5 mai 1907* eraus geregelt ass, weder an der Verfassung, nach op gesetzlecher Basis. Dat bedeit, datt et keng ministeriell Verantwortung fir d'Aktivitéiten vun der Groussherzogin gëtt.

Ad 2)
Vu datt et keng ministeriell Verantwortung fir d'Aktivitéiten vun der Groussherzogin gëtt, muss d'Groussherzogin d'Regierung och net am Virfeld consultéieren.

Ad 3)
Natierlech huet zu Lëtzebuerg all Bierger d'Recht, sech eng eege Meenung zu all Thema ze maachen. Parlamentaresch Froen ginn der Regierung d'Geleeënheet, hir Positioun zu engem Sujet duer ze leeën. Am Kader vun der parlamentarescher Fro n°859 huet d'Regierung hir Aschätzung vun der Manifestatioun "Orange Week" zum Ausdrock bruecht.

Ad 4)
D'Mënscherechter sinn an éischter Linn, wéi hiren Numm et seet: Rechter. Also Rechter, déi all Mënsch huet, doduerch, datt et e Mënsch ass. Se sinn ënnert anerem verankert an der Universeller Deklaratioun vun de Mënscherechter vun der UNO, an der Europäescher Konventioun vun de Mënscherechter an am Traité iwwert d'Europäesch Unioun, deen op d'*Charte des droits fondamentaux* vun der Unioun verweist, déi déi nämlecht Valeur wéi déi europäesch Traitéen huet. Et sinn domat aklobar Rechter vun all Mënsch, du moins an der Europäescher Unioun an an de Memberstaate vum Europarot.

Et ass onëmstridden, datt de Schutz an d'Promotioun vun de Mënscherechter, wéi vun all anerem Recht oder Sujet, Deel vun engem politesche Prozess kënne sinn.

D'Regierung huet hir Aschätzung iwwert d'Natur vun der "Orange Week" an hirer Äntwert op déi parlamentaresch Fro n°859 duergeluegt.

Ad 5)
D'Mënscherechter sinn universell, dat heescht se gëlle fir all Mënsch. De Fait, fir Gewalt géint Fraen ze thematiséieren, ass an den Ae vun der Regierung absolut am Aklang mat där Maxime. Et ass net sou, datt, well een e Problem uschwätzt, deen en Deel – a kee klengen – vun der Mënschheet concernéiert, een dofir deen

aneren Deel automatesch diskriminéiert. Eppes fir de Schutz vun de Fraen géint Gewalt ze maachen bedeit net *per se*, de Schutz vun de Männer ze vernoléissegen. Dat ass keen Null-Zomme-Spill, wéi den honorabelen Deputéierten et hei suggéréiert. Wann all Aktioun, déi sech fir de Schutz vu just engem Deel vun der Bevëlkerung asetzt, contraire wier zur Universalitéit vun de Mënscherechter, dierft ee sech – zum Beispill – och net fir de Schutz vu Männer asetzen.

* * *